



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madame Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6873 vum 21. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement

1. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

Déi héich Zuel u Vaccin'en an dem Stock zu Lëtzebuerg – ewéi och an deenen aneren europäesche Länner – erkläert sech duerch d'Art a Weis ewéi d'Hiersteller vum Vaccin d'Kontrakter mat der europäescher Kommissioun verhandelen.

D'Länner müssen sech gréisstendeels 12 - 15 Méint virun der effektiver Liwwerung vun de Vaccin'en iwwert d'Quantitéit prononcéieren.

Zu deem Moment gëtt et nach keng Gewëssheet wéi ee Vaccin vu wéi engem Hiersteller effektiv eng Zouloossung fir de Marché kritt.

Och ginn et zu deem Moment nach keng Studien iwwert d'Effektivitéit vum jeeweilige Vaccin par Rapport zu der Virusvariant déi de Moment vun der Liwwerung zirkuléiert. Dat erkläert datt d'Länner am Prinzip net nëmme Vaccin vun engem Hiersteller mä Vaccin vu méi Hiersteller bestelle müssen.

Doriwwer raus wëssen d'Länner am Moment vun der Bestellung nach net ewéi d'Impfcampagne 12-15 Méint méi spéid ausgesäit, dat souwuel wat d'Intervallen tëschent den Boosterdosissen ewéi d'Impfbereitschaft vun de Leit ugeet.

Och ass zum Moment vun der Commande nach net gewousst wéi eng weider Vaccin'en d'Hiersteller tëschent dem Dag vun der Commande an dem Dag vun der effektiver Liwwerung par rapport zu eventuelle neie Variant'en entwéckelen. Esou konnt een z.B. déi nei bivalent Vaccin'en déi zanter dem Mount September vu Pfizer a Moderna geliwwert ginn réicht relativ rezent bestellen.

Schlussendlech bleift ze bemierken datt d'Hiersteller vun de Vaccin'en der europäescher Kommissioun oft eng Mindestunzuel u Vaccin'en imposéieren. Souguer wann d'Länner da scho genug Vaccin'en bei engem Produzent bestellt hunn, sinn se de facto obligéiert duerch déi virgenannten Inconnu'en (Impfstrategie, Impfbereitschaft, reell Effektivitéit vum Vaccin, Virusmutatiounen...) trotzdem nach wieder Vaccin'en ze bestellen.



Péréptions par vaccins	Flacons	Doses / flacon	Doses
[148650] PFIZER BIONTECH ADULTE 10ug COVID 19 VACCINE	52831	6	316986
31 janv. 2023	22216	6	133296
28 fevr. 2023	30225	6	181350
31 mars. 2023	390	6	2340
[163149] PFIZER BIONTECH ADULTE-RTU COVID 19 VACCINE	5760	6	34560
30 nov. 2022	5760	6	34560
[163711] PFIZER PEDIATRIQUE COVID 19 VACCINE 1VIAL	960	10	9600
30 avr. 2023	960	10	9600
[159472] JANSSEN COVID 19 VACCINE 1 VIAL	6315	5	31575
30 juin 2023	1035	5	5175
31 juil. 2023	5280	5	26400
[163621] MODERNA COVID 19 VACC 1 VIAL SPIKEYAX	1821	10	18210
20-Nov-22	56	10	560
27 nov 2022	370	10	3700
10 dec 2022	85	10	850
20 dec 2022	240	10	2400
22 dec 2022	120	10	1200
9 janv 2023	240	10	2400
17 janv 2023	120	10	1200
20 janv 2023	230	10	2300
27 janv 2023	360	10	3600
[170000] NOVAYAX NUVAXOVID 1 VIAL 0.5 ML	3458	10	34580
31 decembre 2022	3458	10	34580
[170003] PFIZER COMIRNATY ADULTS RTU BA.1 TOZIVILTOZ	13470	6	80820
30 avril 2023	13470	6	80820
[170005] MODERNA SPIKEYAX 0,1 MG/ML ZERO/OMICRON 1 V	34587	5	172935
27 mars 2023	7907	5	39535
18 avril 2023	11720	5	58600
02 juin 2023	11280	5	56400
09 juin 2023	1640	5	8200
12 juin 2023	2040	5	10200
[170004] PFIZER COMIRNATY ADULTS RTU BA.4/BA.5 ORIGIN	13468	6	80808
30 juin 2023	9628	6	57768
31 juillet 2023	3840	6	23040

1

¹ Stock um 14/10/2022



2. Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten zerstéieren? Kann d'Regierung oplëschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?

Péréptions par vaccins	Flacons	Doses/ flacons	Doses	Total doses détruites /mois
Decembre 2021				
ASTRAZENECA COVID 19 VACCINE 1				
30-Nov-21	132	10	1320	1320
Mai 2022				
ASTRAZENECA COVID 19 VACCINE 1				
30 avril 2022	470	10	4700	4700
Juillet 2022				
[163621] MODERNA COVID 19 VACC 1				
03 juil. 2022	881	10	8810	
22 juil. 2022	1460	10	14600	
30 juil. 2022	1003	10	10030	33440
[170000] NOVAVAX NUVAOXID 1 VIAL 0.5 ML				
31 juil. 2022	993	10	9930	9930
Août 2022				
[170000] NOVAVAX NUVAOXID 1 VIAL				
31 août 2022	560	10	5600	
31 août 2022	600	10	6000	11600
Septembre 2022				
[163711] PFIZER PEDIATRIQUE COVID 19 VACCINE 1VIAL				
30 sept. 2022	69	10	690	690
Octobre 2022				
[163711] PFIZER PEDIATRIQUE COVID 19 VACCINE 1VIAL				
30 oct. 2022	1716	10	17160	17160

3. Wéi héisch war de Käschtepunkt vun deenen zerstéierten Flaconen?

De Akafspräis vun den Vaccinen, am Punkt 2. läit ëm déi 1,4 Milliounen Euro.

4. Huet d'Ministesch Informatiounen iwwert déi EU wäit Zerstéierung vun Covid-19 Vaccinen?

Et ginn keng EU Chifferen wéivill déi aner Länner zerstéieren. Moderna an Pfizer ass awer offiziell gefrot ginn fir een Service unzebidden fir hir Dosen kenne zeréckzehuelen an se duerno ze zerstéieren well all Land sech iwwer Stockage Capacitéiten beschwéiert.

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2022

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette LENERT